



Groupe parlementaire

N°6773
Entrée le 06.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.09.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Viru kuerzem goufen an der Gazasträif fënnef Männer higeriicht, dorënner zwee well se der "Kollaboratioun mat Israel" beschëllegt goufen.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Fro stellen:

- 1) Sinn dem Här Bausseminister dës Virgäng bekannt? Falls jo, wéi reagiert hien dorop? Gëtt et dozou eng offiziell Kommunikatioun oder souguer eng Verurteilung vun der Lëtzebuerger Regierung?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 6773,
deposéiert de 6. September 2022 vum honorablen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

Effektiv sinn ech duerch d'Press vun dese Virgäng gewuer ginn, déi mech schockéiert hunn. D'lëtzebuerger Regierung ass géint d'Doudesstrof, iwwerall op der Welt an ënnert allen Ëmstänn. Deementspriechend verurteelen ech och, am Numm vun der Regierung, déi rezent Hiriichtung vu fënnef Männer zu Gaza.

Lëtzebuerg, den 6.Oktober 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn